

Wou sin d'Leit déi nach schéissen ?



1. nationalt RADAR - Trainingsturnéier

vum 21. Mee bis dën 30. Juni 2021

op (bal) alle Schéissterrainen am Land

fir all Kategorien (WA/FLTA)



D'FLTA sicht d'Trainings-"Weltmeeschter":

- All Tireur scheckt seng **Resultater** déi en **tëscht dem 21. Mee an dem 30. Juni** ënnert **Turnéierkonditiounen*** um Training geschoss huet eran.
- Vun all Tireur gët dat **bescht Resultat** gezielt fir an een informellt Generalklassement.
- **Jiddereen** dee matmécht kritt een **exklusive Pins**.
- Ët gët keng Rekorder an och keng Stären.



D'Turnéierkonditiounen:

- ët gët **dobausse** geschoss, op déi **offiziell Distanz** an den **offizielle Blason** fir dëm Tireur seng Kategorie
- ët gin **2 Tir** mat **6 Voleten** mat all Kéiers **6 Feiler** geschoss
- d'Zeit vu **maximal 4 Minutte** fir **6 Feiler** muss kontrolléiert gin, mindestens mat engem Countdown op engem Handy.
- ët muss **een Zeien** derbäi sin dee **confirméiert** dass d'**Konditiounen respektéiert** goufen (**per Ënnerschrëft um Schéissziedel**) an deen och soll d'**Zäit kontrolléieren**

Ëmsetzung:

- ët kënne méi Leit zesumme schéissen soulaang d'Corona-Aschränkungen speziell déi iwwert d'Ofstänn an d'maximal Zuel vu Leit um entspreechenden Terrain agehal gin.
- ët ass méiglech, dass Tireuren vun engem Club bei engem aanere Club schéissen.
- als Zeie kommen d'Arbiteren, d'Administratoren vun der FLTA an d'Presidenten a Sekretäre vun de Club a Fro.
- d'Zeien kënne bei all Club Zeie sin, onofhängeg vun hierem Club.
- en Zeien ka selwer schéissen, wann dee Moment een aaneren Zeien derbäi ass.
- **d'Zeien ënnerschreiwten a schecken d'Resultater vun engem Daag oder Weekend gesammelt eran (Fotografie vum Schéissziedel un radar2021@flta.lu).**

Opruff:

- Ët wier schéin, wann all Veräin dee wëll matmaachen géif Datumer festleeën, wou een Zeien um Terrain ass.
- Wann op engem Datum manner Leit vum Club wëlle schéissen wéi Plaz um Terrain ass, da sollen déi fräi Plazen fir aaner Veräiner publizéiert gin.
- Wann ee Veräin Schwierigkeiten huet fir intern Zeien ze organiséieren, soll e sech mam CA an/oder der CT a Kontakt setzen.